Events an der ChaosStuff

Ab dem **4en Oktober** wäerten d'**MeetUps** an d'**ChaosMeetings** erëm an der **ChaosStuff** ofgehalen ginn.
D'CovidCheck-Reegelen ginn applizéiert! Mir hunn keng COVID-19 Schnelltester sur-place. Dir musst ären eegenen Test matbréngen an den Test an der ChaosStuff maachen.

ChaosStuff

Däin Hackerspace Pass kann gestempelt an/oder souguer NFC gechippt ginn!
Du hues nach keen Hackerspace Pass? Bei eis kanns de een kréien! :)

ChaosStuff (ausgeschwat ''/ka:os ʃtuf/'') ass dem C3L säin eegenen Hackerspace, am Häerze vun der Stad Lëtzebuerg!

All Hacker,Maker, KI oder aner Liewensform, déi sech mat eis a virun allem eise Wäerter vun der Hacker Ethik identifizéiert, ass Wëllkomm.

Op eiser Infrastruktursäit fënns déi méi Informatiounen wat fir een Aarbechtsgeschir mir zur Verfügung stellen.

Hackerspace Status

D'Bild op der rietser Säit weist un, op eisen Hackerspace momentan Op oder Zou ass. Normalerweis ass den Space op mannst all Méinden géint 18:00 Auer op. All Member huet Privileeg eisen

Hackerspace zu all Moment kënnen ze benotzen. Dofir ass Chance natierlech och Grouss, datt den Space och zu aneren Zäiten an Deeg op ass.

Standuert

Halle Victor Hugo
Room 201 & 203 (2nd Floor)
60 Avenue Victor Hugo
L-1750 Luxembourg

View Larger Map

Impressiounen



Du wëlls méi iwwert den Hackerspace wëssen? Dann kuck hei

Transport

Wann Dir d'Transportméiglechkeeten wësse wëllt, da kuckt hei.

From:
https://wiki.c3l.lu/ - **Chaos Computer Club Lëtzebuerg**

Permanent link:
https://wiki.c3l.lu/doku.php?id=lb:chaosstuff

Last update: **2021/10/10 22:51**